



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6403 vum 22. Juni 2022 vun der Honorabeler Deputéiert Carole Hartmann

Am Januar 2022 huet d'Gemeng lechternach den Dossier kompletéiert an eragereecht. Zousätzlech Froe sinn nach op der Plaz mat der Gemeng a mam Institut national pour le patrimoine architectural – INPA (anc. Service des sites et monuments nationaux) gekläert ginn. Am Februar sinn d'Autorisatiounen eraus gaange fir de Waasseruschloss vun den Toiletten a vum Pavillon un d'Drénkwaassernetz unzebannen an och fir den Tennisterrain erëm an d'Rei ze setzen.

All gréisser Aarbechten am Parc mussen iwwert eng Autorisatioun vum Kulturminister approvéiert ginn. Am Virfeld dovunner soll den INPA ageschalt ginn. Leider sinn am Parc vill grouss Aarbechte lassgetrëppelt ginn ouni déi Prozeduren ze respektéieren. Natierlech wier den INPA d'Urgence op d'Plaz komm, wann en da geruff gi wier. An der Teschenzäit gouf dat Néidegst autoriséiert a gemaach fir déi déif Grief déi gezu goufen zou ze maachen. D' Weeër goufen dann och mat engem validéiertem Aggregat iwwerzoun. D'Sockele vun den Beliichtungen, déi och ouni Kontakt mam INPA an ouni meng Erlaabnis agesat goufen, konnten erhale bleiwen. Ech war dunn och d'accord fir d'Beliichtungen, déi scho vun der Gemeng kaaft goufen, provisoersch drop z'installéieren, dat bis e Gesamtkonzept virläit, deen di historesch an architektonesch Etüd soll erginn.

De Mobilier vum Park muss mam INPA ofgeschwat a vu mer autoriséiert ginn. Dat Finanziellt gëtt geregelt tëscht der Gemeng lechternach an der Administration de la Nature et des Forêts (ANF).

All d'Schied vum Héichwaasser dei d'Sécherheet vun de Leit betreffe konnte behuewen ginn. Wat elo nei ugeluecht a geplanzt gëtt, dat soll aus der Etüd déi leeft erausgoen. Do spille verschidde Krittäre mat, wei d'Volumetrie déi de Landschaftsarchitekt Henri Luja a sengem Konzept vun 1947 definéiert huet.

D'Etüd mat engem Masterplang wäert am Oktober presentéiert ginn an de Parc kéint am nächste Fréijoer nei beplant an ugeluecht ginn. Nieft dem normalen Ënnerhalt vun dem Bestoende kéint d'Gemeng déi Informatiounen un de Publikum weiderginn.

Et gëtt eng Autorisatioun aus dem Mäerz fir den Tennisterrain an d'Rei ze setzen.

Den INPA ass a Kontakt mat der Gemeng. D'Etüd mam Masterplang gëtt der Gemeng am Hierscht presentéiert.

D'Aarbechten um Pavillon sinn amgaangen a wäerte bis Enn dëst Joer ofgeschloss sinn.

De Kulturministère finanzéiert déi historesch an architektonesch Etüd iwwert den INPA. De Käschtepunkt beleeft sech op 38.000 EUR. Duerno muss gekuckt ginn, tëscht der Gemeng, der ANF an dem INPA, wei d'Aarbechten am Park finanzéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson